N°8265
Entrée le 10.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°8265 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Indemnisation des pompiers volontaires"**

De Verwaltungsrot vum CGDIS huet d'Indemnitéite fir fräiwëlleg Pompjeeën, de sougenannte "Recueil des règlements d'indemnisation du CGDIS", eng éischt Kéier de 26. Juli 2018 fixéiert. De Regierungsrot huet dës de 6. September 2018 ugeholl. Eng éischt Upassung vun deem Recueil gouf de 16. Januar 2020 am Verwaltungsrot vum CGDIS entscheet an de 7. Februar 2020 vum Regierungsrot ugeholl.

Ob a wéini d'Indemnitéiten eng nächst Kéiert wäerten ugepasst ginn, läit alleng an der Kompetenz vum Verwaltungsrot vum CGDIS.

De CGDIS baséiert sech beim Recrutement vun haaptamtleche Pompjeeën op de Plan national d'organisation des secours (PNOS), deen den 20. Oktober 2021 vum Regierungsrot ugeholl gouf an dee säitdeem och konsequent ëmgesat gëtt.

Wat de Recrutement vu fräiwëllege Pompjeeën ugeet, kann den éierbaren Deputéieren sech gären emol eng Journée de Recrutement fir fräiwëlleg Pompjeeën ukucke goen, déi eemol de Mount am Centre national d'incendie et de Secours (CNIS) organiséiert gëtt. Detailer dozou fënnt een op https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat.html.

Lëtzebuerg, de 10/10/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding